DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. – Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gaul eiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

N° 27 — So' secher we' ons Bierger wénken / Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken — 4ten Dezember 1942

## --- Gautierärztekammer Moselland ---

So' hêscht dèn neien Organismus, dèn d'Preisen den 20-11-42 an d'Lîewe geruff hun. A fir de' Grönnong eecht nationalsozialistesch ze feieren, ass den Reichstierärzteführer Prof.Dr.Weber no Lötzeburg komm, fir do am Sall vun der Aussenstelle des Reichspropagandaamtes, a Präsenz vun onse lötzeburgesche Ve'dokteren, eng Rîed ze halen.

Mir sin dèr Nazirîeden dèrmosse mitt, dat mir ons d'Me' net gin onse Lîeser horkleng ze verzîelen wat do net alles geschnösst ass gin. Mir wöllen ower ervirhîewen, dat de Reichstierärzteführer Dr.Weber en Nazi ass we' en am Buch stêt. En ass vun Ufank un mam Hitlesch Adolf dûrch déck an dönn gangen, hûet mat him am Duckes gesîes an ..... zesûemen hu sie och hire Wé gemacht. Si sie net allebe'd "Führer" gin ? Dèn èn natirlech me' en décken we' dèn aneren. Dat de' 2 Genossen och zesûeme falen, dorun zweiwelt kê Lötzeburger me'.

Wat ons am Dr.Weber senger Rîed am mêschten opgefall ass wor, dat hîen onse Ve'dokteren un d'Hîerz gelûegt hûet, sie missten sech an hirer Praxis och ganz nationalsozialistesch, also politesch astellen, an dat dât hinnen nömme miglech wir önner dèr Bedingong dat sie ömmer am enkste Kontakt mat der Partei a mat hiren Organen bleiwen. An anere Wîerder : Wîe sech net als Preiss bekennt an net als Preiss handelt, kritt d'Lîewen onmiglech gemacht.

De Gaul eiter SIMON, dèn der Versammlong de "Ve'führer" virgestallt hûet, hûet och musse sei Kêrche beiléen. E wollt dem Publikum mat Ziffere beweisen, wat ons Baueren net alles der preisescher Verwaltong, a besonnesch der deutschen tierärztlichen Betreuung ze verdanken hätten. Am Jor 1937, sot hîen, sin am Bezirk Lötzeburg dûrch Maul- und Klauenseuche 960 Be'schten, am Regierungsbezirk Tre'er dûerge'nt nömmen 18 Be'schten kapott gangen. De Simon hûet sech natirlech gehutt ze son, wivill Be'schten gidferè vun déne Bezirken dèmols opzeweisen hat. Am Jor 1940, we' d'Zivilverwaltong bei ons agefo'ert ass gin, soll d'Krankhêt nach a me' we' 600 Ställ gehaust hun. A vun dém Dag un, wo' d'deitscht Reichstierseuchengesetz bei ons a Kraft getrûeden ass, soll de' be's Krankhêt è fir allemol verschwonne sin.

Et schéngt ons ganz, dat de SIMON dem Dicks sein Theaterstéck "Den Hexemêschter" gelîes hûet an dat hîe vu sengem Hokuspokus schwe'er ageholl ass. A well hîen u seng ège Lige gləft, well hîe sech abillt all Gespenster we' all Gêschter hätte sech him aus de Fe'ss gemacht, wärd hîe wûel mûenechmol gesong hun :

Du ko'men d'Leid mech sichen,
du ko'men d'Leid mech sichen.
Kuck elei, kuck elei, kuck elei,
dèn anren Dag, dèn anren Dag wor d'Krankhêt net me' hei.

E vun onse Lîeser hûet e Refrain gemacht, dèn ons nach besser gefällt :

De Simon gi mir sichen,
de Simon gi mir sichen.
Kuck elei, kuck elei, kuck elei,
dèn anren Dag, dèn anren Dag du wor hîen net me' hei.

Jo, SIMON, eso' könnt et, eso' sange mir geschwönn !

C. W. O. II C. 2. G. M. BG 132

Lîest a verbrêd "De Freie Lötzeburger"

## --- Preisesch Propaganda ---

Fir onst Vollék vum Nazi-Terror ofzelenken hun d'Preisen d'Idee kritt vum 5/12 bis zum 3/1 an den Halen vum Lampertsbîerg eng antibolschewistesch Ausstellong ze

organise'eren. Elo, wo' eso' vill Lötzeburger ungesiedelt, wo' ons Jongen an d'Wehrmacht gezwongen an all Dag Birger a Baueren öm Hab a Gutt brûecht gin, ass an den Aen vun den Nazien dè beschte Moment onsem Vollék virzemolen dat de Bolschewismus "Terror" an de Nationalsozialismus "Gléck" a "Freihêt" verkîerperen.

Nên, dir Gauner, èr Propagandaausstellong ass e Schâgg an d'Wâsser. Mir hun îech gesin a gespirt um Rudder. Mir wössen, hun erlîewt wat Naziglêck, Nazifreihêt bedeiten a mir sp eisen îech drop. Ierger we' den Naziterror kann de Bolschewismus net sin an et ass nach eng Fro op mir mat der G PU net besser ge'we fûeren we' mat der GESTAPO.

Lötzeburger, dir wösst dat de Preiss e Ligener ass. A wîe sét Ligener, sét Verfälscher. Neischt le'sst sech besser verfälschen we' photographesch Biller. Dûerfir losst îech, vun dém wat dir gesitt, oder besser gesot musst gesin, net zevill impressione'eren. Sot îech : Pabeier ass gedöllech. Ersetzt d'Wuert "Bolschewiken" dûrch "Nazien" an da bleift dir me' no bei der Wo'erecht.

Mir sûergen derfir dat nom Krich an den Halen vum Lampertsbîerg eng Antinazi-Ausstellong organise'ert göt.

Lötzeburger, simmelt èr Dokumenter ! Beweisstécker de' dir net verstoppe könnt, könnt dir an der Redactio'n vum "Freie Lötzeburger" a Secherhêt bréngen.

-----------------------------------------------------------------------------------------

"De Freie Lötzeburger" ass a bleift
e Blad dât nömmen d'Wo'recht schreift.

-----------------------------------------------------------------------------------------

--- <u>Alles göt an d'Uniform gestach</u> ---

Ganz egal wat fir e Regime sie sech wielen, d'Preisen hun ömmer stark op d'Uniform gehalen.

Bei ons hun se ugefang ons hir Sprôch opzezwéngen. Dûerno hun se ons force'ert dèr enger oder dèr aner politescher Organisatio'n beizetrîeden. An elo wöllen sie ons och nach an eng Uniform stîechen. Gidferèn, dèn an enger vun déne villen Hitler-Organisatio'nen e Grad hûet, <u>muss</u> d'Uniform droen, op hîen et wöllt oder net.

Well et haut dem <u>Lötzeburger</u> so' ze soen onmiglech ass sech erdûrch ze schlon o'ni sech enger Organisatio'n, we' : VdB-NSDAP-NSV-DAF-NSKK-NSFK-HJ-BdM a.s.w. ugeschloss ze hun, si mir elo eso' weit dat an onse klengsten Dîerfer 100 bis 150 Männer, Fraen a Kanner ge'nt hire Wöllen an der Uniform stîechen, also ongefe'er 1/3 vun den Awunner.

Dat d'Uniformen (a besonnesch de' preisesch) bei ons net bele'ft sin, hun d'Musikanten aus der Stad ons bewisen. Hei wat sech zo'gedroen hûet :

D' "Harmonie", eng Stadter Musék, wor am Ufank vum Krich um Ponkt zesûemen ze falen. D'Preisen hun dât net zo'geloss, hun de Membere verbûeden ze demissionne'eren an d' "Harmonie" an "NS-Musék" ömgedêft. Eng Zeitchen derno sin d'Musikanten opgefûerdert gin eng Uniform ze dron. Dât go'f an der Stad e sche'ne Spektakel. D'Musikanten hu beschloss <u>keng</u> Uniform ze kafen an ze dron. D'Fraen wollten hire Kêrche boilêen an hu gedrêt hire Männer kên Iesse me' ze machen, wa sie eso' "verklêd" hômke'men.

Fir der Onènogkêt an de Streidereien en Enn ze machen hun d'Preisen decide'ert, dat d'Uniformen vum "WH" (Winterhilfswerk) bezûelt ge'wen. D'Mus ikanten kre'en e Lokal zu hirer Verfügong gestallt, wo' sie sech könne "verklêden" îer se de Concert spille gin an nom Concert hir Zivilklêder nês könnnen unze'en.

<u>En Tusch fir ons Musikanten !</u>

-----------------------------------------------------------------------------------------

En dè sein Hemechtsland verre'd
dè kritt seng Strof, fre' oder spe't.

-----------------------------------------------------------------------------------------

--- <u>Sie mache sech de sche'ne Männchen</u> ---

Ge'nt Enn August an de ganze September dûrch ass un ons Staatsbeamten, Affekoten a.s.w., de' vun de Preisen ofgesat an an Deitschland als "Bürogehilfe" hir Kûscht musse verdéngen, e Rundschreiben ergangen an dém ze lîese stêt :

Der Chef der Zivilverwaltung in Luxemburg

Sonderbeauftragter für Personalangelegenheiten.

Gegen Empfangsbescheinigung !

Wie Ihnen durch die Tageszeitung bereits bekannt geworden ist, hat der Gauleiter am 2.8.1942 eine Amnestie zur Befriedung des öffentlichen Lebens in Luxemburg erlassen. Diese Amnestie ist auch anwendbar auf diejenigen Massnahmen, die aufgrund der Verordnungen zur Säuberung der Berufsstände durchgeführt worden sind. Nach dem Wunsche des Gauleiters soll den gemassregelten Personen, zu denen auch Sie gehören, Gelegenheit gegeben werden, wieder zur Mehrheit der Aufbauwilligen Luxemburgs zurückzufinden und rückhaltlos und aufrichtig dem grossen Ziel gemeinsam der Neuordnung zu dienen. Es wird auch Ihnen durch die Amnestie die Möglichkeit gegeben, bei Stellung eines entsprechenden Antrages eine Nachprüfung der seinerzeit gegen Sie getroffenen Massnahme herbeizuführen. Dieser Antrag ist binnen drei Tagen ab Empfang dieses Schreibens an die oben bezeichnete Dienststelle d zu richten. Heil Hitler

gez. Dr. Hârmann Unger
Oberbereichsleiter der NSDAP

Den UNGER, dèn um Standgerîcht so'tz, ass è vun de gro'sse Schöllegen. Et ass op seng Uweisongen hin dat d'Gestapo ons Leid arrete'ert.

<u>Lötzeburger, verle'ert dè knaschtegen Hond net aus dem A.</u>

-----------------------------------------------------------------------------------------

Wie gêt mam Preiss dûrch dönn an déck,
fir dè berêde mir de Stréck.

**Spûeren Spûeren Spûeren**

Den "Dauerkrich", dèn an d'Plätz vum "Blötzkrich" getrûeden ass, hûet et mat sech brûecht, dat an allem an iwerall gespûert muss gin. Zönter me' we' engem Jor he'ere mir ömmer de' selwegt Leier : Spûert èr Sêf, èrt Léngend, èr Klêder, èr Schong, ère Pabeier, èr Kûelen. Dann hêscht et och : Spûert èrt Geld an drot et op d'"Kreissparkasse".

An der leschter Zeit göt besonnesch dröp higewisen, dat den elektresche Stro'm gespûert muss gin an an onsen Zeidongen fanne mir dagdéglech Annoncen mat den ne'dege Wénker, we' èn de Stro'm ka spûeren, soll spûeren. Awer wat mir, oder besser gesot ons Dammen a Jofferen, net erward haten ass, dat ons Protektoren an der Press dât schwâcht Geschlecht opfûerderen, sech keng Permanente me' machen ze lossen, net fir d'Geld ma ....... fir de Stro'm ze spûeren.

Ass de Boche ewell eso' weit, dat en den Dammen de' Grimmel Frêd net me' ka vergonnen ?

Mir schloen onse Coiffeure vir an hire Salongen e Plakat opzehänken, wo' drop geschriwe stêt :

Allen Mitgliedern der Wehrmacht zur gefl. Kenntnisnahme, dass wir ab heute zwecks Stromersparnis nur mehr im Dunkeln und zwecks Seifenersparnis nur mehr ohne Seife und ohne jegliche Garantie gegen Schnitte rasieren.

Die ehrenwerten Kunden, denen dies nicht passt, können sich die Mühe ersparen uns mit ihrem Besuche zu belästigen.

C. W. O. C. G. M.

---

Helleft den "Freie Lötzeburger", an dir helleft îech selwer

---

### --- Franse'sch Nîem ---

Verschiddemol hu mir îech matgedelt, dat d'Preisen am gang wiren all franse'sch Nîem ze verdeitschen oder dûrch deitsch Nîem ze ersetzen. Mir wöllen ons Zeit net weider domat verle'eren, ower et lug an de leschten Dég e Fall vir, iwer dè mir d'Aen net einfach können zo'drécken.

Eng Joffer RODANGE, Schwester vun onsem bekannten a bele'ften Dichter Misch RODANGE, ass opgefûerdert gin hire Nûem ze änneren.

Ass dât net de' rengste Komedie ? De Preiss muss ower wirklech keng Grötz Schimmt am Leif hun fir eng al Perso'n nach mat eso' Dommhêten ze ploen. D'Joffer Rodange ass haut iwer 80 Jor al a mir glêwen net dat an dém Alter nach Gefor bestêt dat hiren Nûem sech nach verferft.

Affronte'ert Klengegkêtskre'mer !

---

Ass mein Hemechtsland och kleng
ech hale fest u senger Sprôch,
well sie ass meng.

---

### --- Ed op de "Führer" ---

Wivill Lötzeburger woren am Fall den Ed op de Führer mussen ze lêschten ?

Well et sech hei öm eng Gewössens-fro handelt hu verschidde jong Leid sech beim Paschto'er informe'ert, op dèn Ed e Wîert hätt oder net, op e gelês cht dûerf ze gin oder net. De Klerus hûet se bero'egt a gesot, dat e gezwongenen Ed vun engem Lötseburger op de Führer net dè geréngste Wîert hätt.

Ongléckleecherweis hûet mûencher Paschto'er den erdôlte Rot mam Prisong musse be'ssen.

---

Wîe gêt mam Preiss dûrch dönn an déck
fir dè berêde mir de Stréck.

---

### --- Ons Wîrt ---

An der leschter Zeit sin ongefe'er 200 Wîrtsheiser zo'gemacht gin. Fir wat ? De Preiss brauch Arbechter an hîe kann net verquössen dat de' "lidderech Wîrt" ( we' mir soss ömmer gesot hun ) zer Fönster auskucken oder mat hire Stammgäscht d'Preise besch......, de' den Dûebelen net wössen ze wîeren. Op en Uerder vun ûewen erof hu sie hir Bud zo'gemacht kritt.

Elo könne mir de' "pensione'ert" Wîrt an de Gare gesin d'Waggongen oflûeden fir Blätz ze kre'en an Zeit ze gewannen.

Wûel mûencherèn hûet sech gesot :
So' hun ech mech nach kês geplot.
Wat muss è schwêsse fir seng Kûscht
a leiden ongeheieren Dûscht.

---

"De Breie Lötzeburger" ass a bleift
e Blad dât nömmen d'Wo'recht schreift.

---

### --- Nês eng Frechhêt vun de Preisen ---

An onser verpreisster Press vum 3.12.42 liese mir :

Am 6. Dezember findet anlässlich der Uebernahme des Stadtschlosses durch die Stadt Luxemburg eine festliche Kammermusik statt. Damit wird das historische Schloss

Belgian War Press

in den Diens t der Künste gestellt : das Kammerkonzert leitet eine Reihe von Konzerten ein, die als Schlosskonzerte Tradition im Luxemburger Musikleben werden sollen. Die unteren Schlossräume werden der Luxemburger Künstlerkameradschaft zur Verfügung gestellt: hier entstehen gastliche Aufenthaltsräume, und was für München das Künstlerhaus oder für Düsseldorf der Malkasten ist, das wird das historische Stadtschloss für Luxemburg sein.

Mir hun ons ewell lang erward dat d'Nazien d'Hand op onse Palais ge'we léen. Nodén d'Schlass Föschbéch vrun e püer Me'nt der Dr.Göbbels-Stiftung für Kulturschaffende ausgeliwert ass gin konnt et net ausbleiwen dat och de Palais un d'Rei ke'm. De Gaul eiter hûet errêcht wat e wöllt : op me' en he'cht Përd klammen. Jo, wann den Dreck Möscht göt !

We' aus dem Zeidongsartikel heiûewen ervirgêt, kre'en ons "Künstler" de rez-de-chaussée. Dèn anere Rescht wärd dann vum Gaul eiter a senger Clique besat gin. Wat wärd do nês geklaut gin ! Wann et net ewell geschitt ass .

Pass op, Simon, onse Palais wärd dir kê Gléck brêngen. Et ass ewell me' we' ên vum Përd gefall.

De' rengste Raubordnung !

De SIMON, dât abscheilecht Schöld,
dên Ekel, dè vun Dommhêt bröllt,
wöllt setze sech op onsen Tro'n !
Der Frechhêt setzt en op eng Kro'n.

---

Lötzeburger, losst fech ophûelen an d' L.P.L.

---

---Belsch-Lötzeburger, opgepasst --

Et ass ons all bekannt, dat d'Preisen an der Areler Gegend eng k o l o s s a l Propaganda machen fir de' belsch-Lötzeburger fir hir Sach ze gewannen. Fir et me' lîcht an den Nûem net ze hun a Belgien eng prodeitsch Propaganda ze dreiwen hu sie den "Deutscher Sprachverein" zu Arel an d'Lîewe geruff an him d'Missio'n iwerdron sech mat der Sach ze befâssen. Den "Deutscher Sprachverein" ass zu Arel wat den "Deutscher Sportverein" oder den "Deutscher Kulturverein" an anere Länner wor, d.h. eng reng politesch, nationalsozialistesch Organisatio'n. All de' Leid de' an desem Verein un der Spötzt stin, sin Agenten de' vum Preiss fir hir knaschteg, antipatriotesch Arbecht bezûelt gin.

De "Sprachverein" hûet sech vrun allem drem beme't, de' deitsch Sproch an den Areler Scho'len nês op hir "E'ereplätz" ze setzen. En hûet dât och lîcht errêcht, well de secrétaire général am Ministère de l'Instruction Publique zu Bre'ssel (en Drecksak we' sie selwer) hinnen dât net ofschloe konnt. Den Arem vum "Sprachverein" rêcht ower nach vill me' weit. En organise'ert Conferenzen, wo' mêschtendêls Preisen d'Wûert fe'eren. Preisesch Filmen gin am Cinema virgefo'ert, dacks gratis. Preisesch Theaterstécker gin iwer d'Brieder a.s.w. a.s.w. Netze vergîessen ass och d' "Areler Volkszeitung", e knaschtegt, aktivistescht Ke'sblad dât d'Vollék opstöppelt è fir allemol seng natirlech Rechter ze sichen, d.h. sech zum "Deutschtum" ze bekennen.

E Blannen tâscht wat dorhannert stêcht: De' Belsch-Lötzeburger fir de preisesche Regime, fir d'Neuordnung a fir den ...... Uschloss un Deitschland ze gewannen. Wann d'Preisen fir d en Abléck och net vun engem Uschloss schwätzen, sie hun dât dach am Sönn. Hir Absecht ass, wann d'Vollék eso' weit prepare'ert ass, um Enn vum Krich dè ganzen Areler Strêch (d.h. de' ganz Gegend wo' lötzeburgesch geschwat göt) anzesäckelen. Sie denken nach ömmer de Krich ze gewannen, an da wir dât fir sie eng Klengegkêt. Gléckleecherweis sin d'Aussîchten fir d'Preisen himmelschlecht, den intelligenten Deitschen wês haut ewell dat de Krich fir sie verlûer ass. Ower d'Propaganda un der Westgrenz stêt nun èmol op hirem Programm a sie muss weidergefo'ert gin bis ......... d'Preisen mat Sak a Pak undrécken we' 1 9 1 8 .

Areler, losst fech net hannert d'Lîcht fe'eren.
Trîed dem "Deutscher Sprachverein" net bei.
Gitt op keng vun de Preisen organise'ert Conferenzen.
Gitt a kê Cinema wo' fech preisesch Filmen gewise gin.
Gitt keng preisesch Theaterstécker kucken.
Lîest keng p reisesch Zeidong. Wann dir d' "Areler Volkszeitung" als Reklamnummer zo'geschéckt kritt, da schéckt se zréck.
Note'ert fech all Judassen de' fech wöllen dem Preiss ausliweren.

Mir, Lötzeburger, hu vill Le'ergeld bezûelt fir ze wössen we' et am Naziparadeis ausgeseit. Hûelt fech en Exempel un onsem "Gléck" a göt dem Preiss de' Aentwert de' e verdéngt.

Mat onsem Lo's si mir zefridden,
keng Preise gi bei ons gelidden.
Kên dûerf sech un ons reiwen.
Lötzeburger si mir a mir wöllen et bleiwen.

---

--- Bre'fkëscht ---

Charel an Emmanuel : 1000 Fr.
Hämmelsmarsch : 1000 Fr.
Bob : 450 Fr.
Anonyme PA : 300 Fr.
L. S. : 300 Fr.
Finchen : 200 + 100 Fr.
Net vill, ma vun Hierzen : 25 Fr.
Vum A, e Steckl ötzeburger : 100 Fr.
Vive Giraud : 200 Fr.
Den Darlan hûet se ugeschmîert : 100 Fr.
E gudde Lötzeburger : 100 Fr.
Här Tullepant : 100 Fr.
E vum Verlûerekascht : 100 Fr.
Sche'fer vun Asselbûr : 50 Fr.
Prönz Hary : 25 Fr.
Nach e besse Gedold : 250 Fr.

Villmols merci !